



# DE BOB

EDITIOUN  
STUDENTEBAL 2014





Verschiedener hu Vakanz, anerer Examen, an ier ech iech elo ufänken vill Erfolleg, eng schéi Vakanz oder wat och ëmmer ze wënschen probéieren ech mech hei elo mol einfach kuerz ze halen, well e Virwuert ass net dat wesentlecht wourëm et hei geet.

Dat hei ass déi éischt Versioun vum Bob, dat steet fir Best of Blog. Mir hunn dëst Joer eisen ezoom duerch e Blog ersat, den dir ënner [acel.lu/blog](http://acel.lu/blog) fanne kënnt. Trotzdem war et eis wichteg dass der nach eppes geschéckt kritt a mat e bësse Chance kënnt der och ee vun deene seelene Exemplare kréien déi mer fir de Studentebal printen.

Sou, dat war et schonn, vill Spaass beim liesen a vive op de Studentbal! Oder fir déi di schonn do sinn vive bei den éischte Comptoir, der ginn et der nämlech genuch ;-)

Tom  
Präsident vun der ACEL

# 06

## WAT ASS D'ACEL?

Mir sinn d'Studente vu Lëtzebuerg, déi sech a 44  
Cerclen ronderëm d'Welt zesummefonnt hunn ...

# 12

## AIDE FINANCIÈRE

D'Aide financière ass eng Studiebäihellef, déi de lëtze-  
buerger Staat de Studenten ubitt ...

# 22

## STUDENT FIR 1 DAG

Als Lycéesschüler 1 Dag liewe wéi e Student, entdecke  
wéi et ass, op der Uni a Coursen ze goen ...

# 24

## REEL INTERVIEW

Den 16. bis den 19. Oktober steet di 30. Editioun vun der  
REEL un. Wou geet et hin? Op München! ...

## INTERCERCLES

- 10 Badische Meile
- 10 Chreschtmaart an Falanganz zu Köln
- 11 Altweiber
- 20 Ebbelwoi Express
- 21 Swisscup
- 21 Route du Vin
- 28 Tournoi de l'ambassadeur
- 28 Roi national
- 29 Saufest meets Cercle



**SPUERKEESS**

Äert Liewen. Är Bank.

**EDITEUR**

ACEL · BP 63 · L-7201 Bereldange

contact@acel.lu · www.acel.lu

Tel · 691 420 539

**REDAKTIOUN**

Jessica Leuck

Jil Welter

Christophe Mossong

Michel Goethals

Fränz Friederes

**GRAFIK, LAYOUT**

Fränz Friederes

**OPLAG**

500 Exemplarer

**DROCKDATUM**

04. Juli 2014

**AKTUALISÉIERT**

27. Juli 2014

# AATZEL ASSELT

**D'ACEL? Wat dat ass? Mir sinn d'Studente vu Lëtzebuerg, déi sech a 44 Cercle ronderëm d'Welt zesummefonnt hunn fir Studenten zesummen ze bréngen, z'informéieren an ze representéieren.**

ACEL SITE  
ABOUT



Aus engem Grapp voll engagéiert Studenten, déi 1984 decidéiert hunn sech zesummen ze doe fir besser gehéiert ze ginn, ass eng Associatioun ginn, déi net méi aus dem lëtzebuerger Studentemilieu ewech ze denken ass.

Vill lëtzebuerger Studente maachen hie Stüdium am Ausland. Dëst ass eng eenzegaarteg Situatioun, déi grouss Virdeeler mat sech bréngt. D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois, d'ACEL vertritt haut net manner wei 44 Studentencercle déi duerch d'ganz Welt verspreecht sinn. Clubmembere vun der ACEL fënnt een also iwwehall, sief et an der Belge a Frankräich, an Däitschland, England, an der Schwäiz, an den USA. Nieft dese 44 Cercle sinn och nach 5 fachspezifesch Cercle Member vun der ACEL (Medeziner, Economisten, Juristen, Psychologen an d'Ingenieuren). Dëst mécht d'ACEL zum Représentant vu ronn 10.000 Studenten an domat zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.





# Don't worry, just study !

**Vous avez entre 18 et 28 ans  
et vous poursuivez des études  
supérieures ?**

Alors, optez pour axxess UNIF,  
l'offre bancaire\* aux avantages extra-larges :

- compte courant, extraits et retraits S-BANK gratuits,
- cartes de paiement gratuites,
- 12 premiers « Eurotransferts » par mois sans frais,
- prêt-études CEDIES garanti par l'Etat,
- avance de fonds de max. EUR 2.500 à 0%,
- prêt UNIF sur mesure aux conditions de faveur,
- garantie locative à tarif préférentiel,
- S-net Internet banking gratuit.

Plus d'infos auprès de nos Conseillers Jeunes  
en agence BCEE ou sur [www.axxess.lu](http://www.axxess.lu).

\* offres soumises à des conditions et sous réserve d'acceptation du dossier

# axxess UNIF



## SPUERKEESS

Äert Liewen. Är Bank.



**ZESUMMEBRÉNGEN** D'Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgais versammelt all Joer knapp 150 lëtzebuurger Studenten an enger europäescher Studentestad. En anert grousst Event ass de „Studentebal“. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditionen aus deene verschidde europäesche Studentestied zesummen. Zum Regruppement vu Studenten gehéieren natierlech och déi sëllegen Intercercelen an den Tournoi de Noël.

**INFORMATIOUN** Aktuell an zukünfteg Studenten informéieren ass enorm wichteg fir d'ACEL. Dofir kommen all Joers zwee Guiden eraus, déi Schüler a Studente bei hiren Decisiounen hëllef sollen. Dëst sinn de „Guide du Futur Etudiant“ an de „Guide du Futur Diplomé“.

Niewent dësen zwou Publikatiounen geet d'ACEL och regelméisseg an di verschidde Lycéeën fir d'Schüler iwwer d'Studien z'informéieren. D'ACEL an hier Membercercelen sinn och all Joer op der „Foire de l'Étudiant“ vertruede fir den zukünftigen Studenten nëtzlech Informatiounen mat op de Wee ze ginn.

## **REPRESENTATIOUN**

D'ACEL vertritt de Student vis-à-vis vun den Autoritéiten a verdeedegt hier Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a regelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren ënner anerem mam Ministère fir Héischschoulbildung a Forschung. Och d'REEL gehéiert zum Pilier vun der Representatioun. D'ACEL ass awer net nëmme national aktiv, mee hëlleft och Studenten am Ausland bei Problemer mat Behorden.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht dass se keng bestëmmte parteipolitesch Meenung vertritt. Dat ass extrem wichteg well mir eisem Usproch, all d'Studenten ze representéieren, wëlle gerecht ginn.

**Wat geschitt wann zwee vun eise Cerclen am Ausland openeen treffen? An der ACEL nenne mir dëst Phänomen „Intercerclen“ (IC). Hei ass Plaatz fir kulturell, wei sportlech Aktivitéiten an den een oder aneren Drénksproch.**

ACEL BLOG  
15. MÄERZ



## ALTWEIBER

Wéi all Joer huet den LSC erëm d'Cerclen invitéiert fir déi 5. Joereszäit richtig ze féieren. Um Punkt 11:11 Auer gouf de leschten Deel vun der Fueszäit agelaut. Aus 8 verschiddene Cerclen waren eng ganz jett Zebra'en, Hutmacher, Superhelden, Ponyen an anert komescht Gedéiesch erbäi komm, fir sech zesummen den een oder anere Kölsch zum Gemidd ze zéien. No enger musikalescher Gesangseinlag vun de lëtzebuerger Jecken an der Bunn, engem Stopp um Zülpicher Platz am Pizza Hut an der Max Bar hunn d'Leit den Owend an enger Sauna-ähnlecher Atmosphäre bei traditioneller Fuesmusek an deem engen oder anere Kölsch ausklénge gelooss.


„Et es wie et es, Et kütt wie et kütt, An et hätt noch immer jot jejange!!“





## BADISCHE MEILE

D'Badische Meile soll de Studenten d'Nuetsliewen an der Studentestad méi no bréngen, mee och intellektuell a kulturell ginn d'Participante gefuedert. Während der Soirée goufen et eng Partie Questionnairë bezüglech dem Alldag an der Kultur zu Karlsruhe, wéi och allgemeng Wëssensfroën. Och eng Rei amüsant Spillercher stoungen um Programm, fir der Aktivitéit déi gewësse sportlech Anekdot ze verléinen.



## CHRÛSCHTMAART AN FALANGANZ ZU KÖLN



Pünktlech fir d'Feierdeeg hunn d'Kölner Studenten déi aner Cercle invitéiert, fir zesammen déi 8 Chrëschtmaert zu Köln z'entdecken. Um Programm stoung eng Degustatioun vum lokale Glühwäin an eng Schlidderpartie op hirem Schlittschungparcours. Verköstegt goufen d'Studenten duerno an engem, bei de Kölner bekannten, Irish Pub ier et dunn mat Bonn an Oochen wieder gaang ass op den Tour.

# STUDIEN

**D'Aide financière ass eng Studiebäihellef, déi de lëtzebuerger Staat de Studenten ubitt. Nodeems den Europäesche Geriichtshaff dëst Gesetz als net conforme erklärt huet gouf un engem neien Entworf geschafft.**

---

ACEL BLOG  
03. MÄERZ



Fir de Projet de loi 6670 ze verstoe muss een am Hannerkapp behale wei et zu deem Projet koum, nämlech duerch een Urteel vum Europäesche Geriichtshaff. Den huet décidéiert, dass, no europäeschem Recht, d'Frontalieren déi hei op Lëtzebuerg schaffe kommen, och en Recht op d'Aide financière hunn. Den ale System ass, ausgeweit op d'Frontalieren, finanziell leider net méi ze droen an esou huet des Decisioun vum EuGH eng Reform vun der Aide financière (AideFi) néideg gemaach. Den aktuelle Projet gouf also etabléiert fir engersäits d'Käschtenexplosioun an de Grëff ze kréien an anerersäits fir e System ze schaafe dee conforme mam europäesche Recht ass.

Vun deem Moment un, wou kloer ginn ass, dass e neit Gesetz d'AideFi an Zukunft reegele muss, hat d'ACEL eng Rei Entrevüë mat der Madame Hansen an och mam Här Meisch. An der 1. Entrevue mam Minister Meisch, den 28. Januar 2014, wollte mir eis virun allem emol de neie Projet unhéieren. D'ACEL war vun Ufank un dogéint rëm sozial Critèren an de Boursësystem anzeféieren. Dëst ass géint d'Autonomie vum Student, déi mer ëmmer verteidegt hunn. An dëser Hinsicht si mer dann och der Meenung datt de sozialen Undeel bei der aktueller Proposition vill ze héich ass. Mer waren allerdéngs och der Meenung, dass

---

ACEL BLOG  
06. MÄERZ



wann gespuert muss ginn, net soll bei de sozial Schwaachen ugefang ginn. An deem Sënn war d'ACEL och dofir, dass wann een erëm sozial Critèren aféiert, een sech net op een (an dësem Fall de Critère vum Revenu vun den Elteren) beschränkt. Donierft müssen och aner Faktore berücksichtegt ginn, wei z.B. d'Unzuel vun de Kanner am Stot – Wa scho sozial Critèren, dann och richtig.

D'Reegelung vun der Bourse de mobilité ass en anere Punkt matt deem mer net ganz averstane sinn. Een den op der Wemperhaardt wunnt awer um Belval studéiert kritt keng Mobilitéitsbourse, kann awer net onbedengt all Dag pendelen. Mir setzen eis dofir an, dass méi Studentwunnengen entstinn, fir dass och d'Studente vun der Uni.lu ënnerstëtzt ginn.

Mir hunn eis den 23. Februar mat der UNEL getraff fir eis Virstellungen ze vergläichen. Et ass eis awer och séier kloer ginn, dass zwëschent eiser Virgoensweis, an der vun der UNEL - an dem spéider gegrennten Aktiounscomité 6670 - gewëssen Differenze bestinn. Zesumme mat eise Membercerclen hunn mer dunn decidéiert de Wee vum konstruktiven Dialog anzeschloen. Dofir ware mir Donneschdes, de 17. Abrëll erëm beim Här Meisch fir him eis Verbesserungsvirschléi nach eng Kéier méi genau z'expléieren. D'Reaktioun vum Minister op eis verschidde Fuerderungen, déi an Zesummenaarbecht mat de Cerclen ausgeschafft goufen, war insgesamt positiv a mir krute verséichert, dass de Ministère déi eenzel Punkten op Machbarkeet préiwen wäert.

ACEL BLOG  
22. ABRËLL



# BÄIHËLLEF



Mir waren dann och weiderhi ganz aktiv a dësem Dossier an hunn eis mat verschiddene Fraktiounen getraff fir hinnen eis Forderungen z'expléieren, mam Ziel, dass si dono eis

Meenung an der Chamber verrieden, an eis esou Hëllef eis Forderungen duerch ze bréngen.

D'ACEL war och bei diverse Diskussionsronnen tëscht dem Ministère an dem Aktiounskomité dobäi. Den 31. Mee waren mer, zum Beispill, an der Emissioun „Riicht Eraus“ vum Radio 100,7 an den 8. Juni an der Emissioun „Kloertext“ vum RTL.

Den 3. Juni ware mer och an der Chamberkommissioun fir iwwert den aktuelle Projet ze schwätzen. Kuerz duerno, den 14. Juni, hunn mer eis dunn nach eng Kéier mat eise Memberen getraff fir déi aktuell Situatioun an Change-menter am Text ze diskutéieren.

- 28. Januar  
Minister Meisch
- 29. Mäerz  
ACEL meets Prési
- 15. Abrëll  
Déi Gréng
- 17. Abrëll  
Minister Meisch
- 22. Abrëll  
CSV, ADR
- 08. Mee  
DP
- 09. Mee  
LSAP
- 31. Mee  
Riicht Eraus, Radio
- 03. Juni  
Chamberkommissioun
- 08. Juni  
Kloertext, TV
- 14. Juni  
ACEL meets Prési

Den 30. Juni huet d'ACEL op eng Pressekonferenz agelueden, wou se, ënner anerem, di aktuell Positioun zu den Amendementer vum Projet de Loi 6670 presentéiert huet.

Schlussendlech erklärt sech d'ACEL mam amendéierte Gesetzprojet vum 20. Juni am Groussen a Ganzen averstannen, och wa weidere Verbesserungsbedarf besteet. An deem Sënn verléisst den ACEL-Comité sech och op d'Ausso vum Minister, datt entspriechend Étudë - fundéiert a professionell Ëmfroen bei zukünftigen, aktuellen a fréiere Studenten, fir eng zouverlässeg Basis vun de Besoine - schnellst méiglech an Ugrëff geholl ginn an noutfalls weider Amendementer gemaach ginn.

Um Projet de Loi 6670 huet sech exemplaresch gewisen, datt d'Studenten net all mat enger Stëmm geschwat hunn. Et duerf een sech déi legitim Fro stellen, op déi lëtzebuergesch Studentelandschaft sech esou eppes leeschte kann. An deem Sënn fuerdert d'ACEL säit geraumer Zäit, sech zumindest Gedanken iwwert d'Schafe vun enger gesetzlech verankerter Studentevertriedung ze maachen, déi mat wäitgehender Autonomie (Selbstverwaltung, ...) a Rechter (Oofschléisse vu Verträgen, Krankekeess, etc) ausgestatt ass. Dëst géing et engersäits de Studenten erliichtere mat enger Stëmm opzetrieden, well Differenzen am Virfeld ausdiskutéiert ginn. Zum anere géing dem Minister fir Héichschoulbildung e präzisen Uspriechpartner zur Verfügung stoen. Och hei stellt d'ACEL sech gären zur Verfügung fir matzeschaffen an hir Erfahrung mat afléissen ze lossen.

---

ACEL BLOG  
30. JUNI



# DEN AKTUELLE PROJET

Wat ech fir ee Studiejoer zegutt hunn.



- BOURSE DE BASE** All op enger Uni ageschriwen Studenten hunn 2'000€ zegutt.
- BOURSE DE MOBILITÉ** Studenten, déi an engem anere Land studéieren wéi den „pays de résidence“ an dei ee Loyer bezuelen müssen, hunn 2'000€ zegutt.
- BOURSE SOCIALE** De Student ka bis zu 3'000€ pro Joer kréien, je no Revenu imposable vum Stot an deem en ugemellt ass. Ass deen méi héich ewéi 4,5x den onqualifizierten Mindestloun (SSM), dann kritt een keng Bourse sociale. Den Deel vun dëser Bourse den en net kritt kann een sech zousätzlech als Prêt ufroen.
- BOURSE FAMILIALE** 500€ huet een zegutt, wann eng aner Persoun, am selweschten Menage ugemellt, och studéiert an d'Bourse kritt.
- STUDIENGEBÜHREN** D'Aschreiwungs- an Studienkäschten vunn 100€ bis 3'700€, ginn zu je 50% op d'Bourse an op den Prêt opgedeelt.
- PRÊT** Den Prêt ass gedeckelt op 2%. Alles wat driwer geet gëtt vum lëtzebuerger Staat iwerholl, deen och den Garant vum Prêt ass. D'Somme vum Prêt hänkt vun weideren Critèren of.

**HÄRTEFALLREGELUNG** Et ass ausserdeem méiglech eng extra Bourse vun 1000€ unzufroe, wann een sech an enger „situation grave et excpetionnelle“ befénnt oder mat aussergewöhnlechen Ausgaben konfrontéiert ass. Des gött och zu 50% op d'Bourse an zu 50% op de Prêt opgedeelt. Des Härtefäll ginn an der „Commission consultative de l'aide financière“ diskutéiert, wou ënner anerem och d'ACEL dra vertraueden ass.

**AMENDEMENTER** D'Amendementer déi duerch komm si goufen zu engem groussen Deel vun der ACEL proposéiert. Sou ass et elo zum Beispill méiglech deen Undeel Bourse, deen een un Bourse sociale net zegutt huet, weider am Prêt ze huelen. Dëst erlaabt dem Student weiderhi vun der ganzer Somme ze profitéieren.

Et huet een 3+1 Joer Zäit fir de Bachelor ze packen. Sollt een de Bachelor an der Regelstudienzäit packen, huet een dat Joer wat ee souzesoe „gespuert“ huet am Master méi ze gutt.

**AKTUELLE STANDPUNKT** D'ACEL gesäit de Prêt zwar als integrale Bestanddeel vun der Studiebäihëllef, trotzdem dréit et dozou bäi, dass de Student no sengem Ofschloss héich Scholden huet. An deem Sënn wier e méi niddregen Zënssaz, oder souguer een Zënssaz vun 0% eng lwwerleung wäert.

Bildung ass wichteg a soll och finanziell net vernoléisseg ginn. Trotzdem sollen d'Suen, déi zur Verfügung stinn, intelligent genotzt ginn. D'ACEL versteet och dass di aktuell Regierung spuere wëll a muss, dëst soll awer net nëmmen um Bockel vun de Studente geschéien. Och an anere Beräicher vun der Politik muss gespuert ginn an dat wärt d'ACEL och an Zukunft weider verfollegen.



## Talented by nature? Give your career a place to grow Luxembourg. Shape your future

**It's your career.** With an ever growing firm of now more than 1,500 employees and over 45 nationalities, Deloitte Luxembourg is one of the leading professional service organisations specialising in audit, tax, financial advisory and consulting. Our standards of high performance come from our focus on the continuous development of each individual in order to help you reach your full potential. This is because we believe our strength comes from our teams who strive to provide quality solutions for our clients. Start exploring new opportunities alongside the experts and discover where your talent takes you. **What will you make of it?**

Learn more about our firm and apply online at:  
[www.deloitte.com/lu/careers](http://www.deloitte.com/lu/careers)



# Deloitte.



## EBBELWOI EXPRESS

ACEL BLOG  
27. ABRÉLL



Béier drénkt net jiddereen. Dofir hunn di Rhein-Mainer eng Alternative fonnt. Wat een alles aus Äppel ka maachen

huet eis de LSRM um Ebbelwei-Express bewisen. Amplaz, dass et zu Fouss du-erch d'Staad goug, sinn d'Studenten mat engem Tram gefouert ginn, be-geled vum verherrlechte Gedrénks. Et gouf gesongen, et gouf gefeiert a Spe-zialiste vunn Oochen hunn sech ge-duecht, dass een deen Ausflug roueg och op zwee Deeg ausweide kéint.



## SWISSCUP

Als éischte sportlechen High-light vum Joer huet de Friblétz an d'Schweizer Halen zum Swisscup invitéiert. Männer- souwéi Fraefussball gouf gespilt, begleet vun engem mixed Basket- a Volleyballtournéier. Des Editioun vum Swisscup war en vollen Erfolg. De Volleyball an de Basket hunn kloer dominéiert. Moralesche Bäistand gouf et natierlech och, sou hat all Equipe Supportere matbruecht, déi natierlech net direkt duerno heemgaange sinn.



## ROUTE DU VIN

Den Elsass ass jo bekannt fir de Wäin. Och dëst Joer huet d'ALUS nees seng traditionell „Route du Vin“ am Elsass organiséiert - en onëmgängelechen Event fir all Student, deen sech schonn ëmmer als Hobby-Oenolog versiche wollt.

Lass goug et am Katzenthal, wou si sech duerch eng ganz Rei Wäiner, servéiert mat elsässeschem Gugelhupf, duerch geschmaacht hunn an d'Produktiounsweis an d'Entstehung vun de Cru'en, och zum Deel op elsässesch, erkläert kruten. No vill Wäin an och e bëssi kultureller Weiderbildung, ass dunn zur inoffizieller After Party geluede ginn, wou weider elsässesche Wäin degustéiert gouf.



# STUDENT FIR

Als Lycéesschüler 1 Dag liewe wéi e Student, entdecker wéi et ass, op der Uni a Couren ze goen an eng Unisstad zesumme mat Studenten z'erliewen. Dat alles erméiglecht engem d'ACEL an hire Membercerclen.

ACEL BLOG  
19. MÄERZ



Wou ass d'Bibliothéik? A wei engem Gebai fannen ech d'Sekretariat? Schmaacht d'Pizza hei genee esou gutt wéi doheim? A wou fannen ech ee flotte Café fir Owes ee bëssi ofzeschalten? Dës an nach vill aner Froe stellen sech Joer fir Joer eng Réi Schüler déi de grouse Sprong op d'Uni woen.

Fir déi zukünfteg Studenten esou gutt wei méiglech op hiren neie Liewensofschnëtt virzebereeden an hinnen déi néideg Informatiounen ze liwweren huet d'ACEL och dëst Joer nees säi Projet „Student fir 1 Dag“, an Zesummenaarbecht mat Voyages Emile Weber an de verschiddene Studentecerclen, organiséiert.

Während der Ouschtervakanz goufen dëst Joer Dagesreesen op Köln, Bréissel, Kaiserslautern, Stroosbuerg, Karlsruhe, Saarbrécken, Tréier, Oochen an Düsseldorf ugebueden. D'Ziel ass et de Schüler op der Platz d'Uni, de Campus mä awer och d'Stad selwer vun aneren lëtzebuergeschen Studenten weisen an erklären ze loossen.

Sou stoung bei all Rees eng Visite vun der Uni, vun deene wichtegste Gebaier vum Campus, z.Bsp de Café an den Hörsaal, um Programm. Op den techneschen Unien haten d'Schüler esouguer d'Méiglechkeet sech divers Projete vun de Studenten unzekucken. D'Visite vun der Uni gouf mat engem Mëttegiessen an der Kantinn ofgeronnt. Nomëttes gouf ee bëssi Sightseeing vun der Stad gemaach an dobäi kruten d'Studenten allerlee nätzlech Tipps zum Studenteliewen.

Weider Informatiounen zu de Reese ginn et op der Foire de l'Etudiant op de Stänn vun der ACEL an de Studentecercelen, mä awer och um Site [www.acel.lu](http://www.acel.lu) a via [contact@acel.lu](mailto:contact@acel.lu).

Op dëser Platz wëll d'ACEL senge Partner, besonnesch Voyages Emile Weber, Merci soen, well unni déi, d'ganz Organisatioun vun de Schülerreesen net méiglech gewiescht wär. Merci och un déi verschidden Studentecerclen déi ëmmer mat grousser Motivatioun de Projet ënnerstëtzen an de Schüler ee Bild vun hirer Uni an hirer Stad ginn.

# DAG



# REEL INTERVI

Den 16. bis den 19. Oktober steet di 30. Editioun vun der REEL un. Wou geet et hin? Op München! Ier d'Umellung lass geet hunn mir de néie REEL Comité (Foto) ganz exklusiv getraff. Si hunn eis verroden firwat een d'REEL 2014 zu München net däerf verpassen.





**EW**

D'Preparatioune fir d REEL zu München lafen op Héichtouren. Am Ufank vum Joer hat virun allem den Team Partenariat vill ze dinn an hu gutt Aarbecht gelescht, sou dass mer lo well déi éischt Restauranten a Säll konnte reservéieren.

D'Stëmmung am Comité ass super gutt. Mir sinn e grouse Comité mat ville motivéierte Léit déi all hiren Deel derzou bäidroen, dass des REEL eng ganz besonnesch REEL gött.

Marie-Paule Even  
Présidente, REEL Comité

**Wat erwaard den  
REELaner dann  
zu München?**

Op der 30. Editioun vun der REEL erwaard de REELaner sou muncher flott Aktioun. E wäert de Charme an d'Gemittlechkeet vun München kenne leieren an de Geschmaach vum Münchener Béier net ze vergiessen.

**Wat mëscht fir iech  
de Charme vu  
München aus?**

München ass déi drëtt gréissten Stad an Däitschland, wou een eng impressio-  
nant Mëschung aus stressegem Grouss-  
stad-Alldaach an gläichzäiteg bayrescher  
Gemittlechkeet erlieft. Donieft huet een  
trotz Groussstad mam englesche Gaart, der  
Isar an de bayreschen Viralpen immens vill  
a schéin Natur em sech.

Dës REEL huet natierlech den nämmlechten Oflaf wei schonn déi leschten 10 REELen. Trotzdem versiche mer dat ganz opzepäppelen, virun allem d'Gespréichsronn Samschdeg Mëttes. Dës gouf dëst Joer zesammen mat der ASTA an dem Luxemburger Verein München e.V. organiséiert fir dat ganz lieweg ze gestalten an och net nëmmen REELaner unzezéien. Domadder versichen mir Echange tëschent de lëtzebuerger an den däitschen Studenten ze sichen.

Et sollt en sech op alle falls virschlofen, well vill Schlof kritt en sécherlech net. Wichtig ass och dass jiddereen, den sollt en Dirndl oder eng Lederhosen hunn, déi matbréngt.

**A wat ënnerscheed  
dës REEL vun  
deenen aneren 29?**

**Wat däerf een op kenge  
Fall vergiessen wann  
een op d'REEL  
zu München kënn?**



## TOURNOI DE L'AMBASSEUR

Dëst Joer gouf den Tournoi de l'ambassadeur vum CELB organiséiert. Traditionell maachen do ëmmer Léck, Louvain, Bréissel an Ooche mat, mee Léck ass dëst Joer aus nach net gekläerter Ursach net opgetaucht. Also huet sech musséier ëmorganiséiert gi wat Equipë fir Fussball Matcher ugeet. Deen Problem gouf awer souverän gemeeschtert. No deenen ustrengende Matcher gouf dunn den Owend ganz entspaant, bei engem Pättchen an eppes vum Grill, op een Enn goe gelooss.



## ROI NATIONAL

Lëtzebuurger Studente vu Louvain hunn dëst Joer nach emol d'Éier gehat de Roi national ze organiséiere, vue datt si en d'lescht Joer gewonn haten. Nodeems jiddereen eppes vum Grill hat a kee méi hongereg war gong et dunn lass. An och dëst Joer hunn nees d'Nei Léiwe gewonn. Dat gouf dunn nach traditionell an hirer „CASA“ gefeiert.





## **SAUFEST MEETS CERCLE**

### **BEACHVOLLEYBALL ZU LAUTERN**

Den 18. Juni huet d'Sonn sech gewisen, wéi zu Kaiserslautern iwwer 130 Leit sech um Beachvolleyturnéier aktiv an inaktiv bedeelegt hunn. 20 Equippen aus 10 Verschiddene Cercle. An der Final stoungen sech Oochen a Karlsruher géigeniwwer, wou sech d'Karlsruher duerchsetze konnt. Owe goug et dunn mat engem leckere BBQ méi zu Hohenneck an der Grillhütt weider. D'Equippen aus all de Cercelen hunn sech bei deem engen oder anere Patt bis an de fréie Moien era gutt amuséiert.

# OPRUFF!

**Knapp huet ee säin Premièresdiplom an der Hand, muss een sech mat komplexe Virgäng wei kache beschäftegen. Dobäi stéisst een op Froe wei: Wisou gött eigentlech ëmmer nëmmen den Teller an der Mikrowelle waarm? Wei kritt meng Mamm déi Bolognese sou gutt hinn?**

Fir dës Froen ze beäntweren an Hëllef a Punkto kachen ze leeschte schafft d'ACEL un engem Studentekachbuch matt Rezepten vu Studenten fir Studenten. Nieft Rezepten ginn et dann och praktesch Tipps zum Kachen an der Kichen am allgemengen.

Fir dass eist Kachbuch esou komplett wei méiglech ass brauche mer deng Hëllef! Mer siche Rezepten déi iech duerch de Studium bréngen an och nach gutt schmaachen. Wanns du eng Idee hues, da schéck eis däi Rezept op [kachbuch@acel.lu](mailto:kachbuch@acel.lu).

Mer wëllen awer och deene ganz neien hëllef a Mysterien aus der Kichen opléisen. Wat soll ärer Meenung no also onbedéngt an d'Kachbuch dran (nieft enger Bedinungsanleitung fir Mikrowellen)? Mailt eis är Froen a Mysterien op [kachbuch@acel.lu](mailto:kachbuch@acel.lu).



Mir sinn d'ACEL. Mir sinn d'Studente  
vu Lëtzebuerg, déi sech a 44 Cercle  
ronderëm d'Welt zesummefonnt hunn  
fir Studenten zesummen ze bréngen,  
z'informéieren, an ze representéieren.

An dëser Publikatioun hu mir déi  
bescht Blog Artikel ronderëm eis  
Aktivitéite fir dech zesummegebro.

